ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 16. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Mat der sougenannter „New Silk Road" bitt China klenge Länner, och an Europa, grouss Investitiounen. Finanzschwaach Länner riskéieren awer doduerch hir finanziell Onofhängegkeet ze verléieren. Am EU-Bäitrëttsland Montenegro finanzéiert China eng Autobunn vun iwwer 1 Milliard Euro. Well Montenegro dës Scholden net zréckbezuele kann, huet sech, der internationaler Press no, d'Regierung vum klenge Balkan-Land un d'EU adresséiert, fir gehollef ze kréien. D'EU huet awer signaléiert, datt si net bereet wier, Drëttstaate beim Bezuele vu Scholden ze hëllefen. Montenegro misst selwer ee Wee fannen, fir seng Krediter zréckzebezuelen. Zousätzlech leit Montenegro ganz staark ënner der Corona-Pandemie, well den Tourismus an deem Land bal ganz zesummegebrach ass.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Bausseminister:

1. Ginn et Iwwerleeungen an der EU, fir sech, wa schonn net um Bezuele vun de Scholde vu Montenegro, op d'mannst un der Finanzéierung vum Reschtstéck vun der geplangter Autobunn ze bedeelegen?
2. Weess déi Lëtzebuerger Regierung, a wéi enger Form Montenegro seng Scholden u China muss bezuelen, wann et si net ka reng finanziell rembourséieren? Kann dat och iwwer territorial Rechter geschéien? Wa jo, a wéi enger Form?
3. Gëtt op europäeschem Niveau den EU-Bäitrëttslänner geroden, fir sech net a finanziell Ofhängegkeet vu China ze beginn?
4. Ginn et elo scho konkret Hëllefe vun der EU, fir Montenegro wirtschaftlech méi staark ze maachen? Wéi eng Programmer sinn dat?
5. Wéi entwéckele sech déi bilateral ekonomesch Relatiounen tëschent Lëtzebuerg a Montenegro?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten